LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
15 NOV. 2019

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L – 2338 Luxembourg

Luxembourg, le 15 novembre 2019

**Concerne**: Question parlementaire n° 1310 du 10 octobre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen
**Réf.** : 829x5b4ae

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et du soussigné à la question parlementaire n° 1310 du 10 octobre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant le "Retour des médicaments périmés ou inutilisés".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Pour le Ministre de la Santé,**

**Laurent JOMÉ**
**Premier Conseiller de Gouvernement**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an dem Gesondheetsminister op d'parlamentaresch Ufro n°1310 vum 10. Oktober 2019 vun dem éierbaren Deputéierten Här Marc Goergen**

Zu Lëtzebuerg ginn al Medikamenter zanter 1985 am Kader vun der SuperDrecksKëscht agesammelt, sief et iwwert déi mobil Sammlungen, déi regelméisseg an den Uertschaften gemaach ginn, sief et iwwert déi stationär Sammlungen an de Recyclingcenteren.

Donieft besteet zanter Mee 2000, also zanter bal 20 Joer, eng Kooperatioun mat den Apdikten, fir och do al Medikamenter anzesammelen. D'Apdikten ginn d'Medikamenter iwwert d'Grousshändler un d'Superdreckskëscht. Well d'Grousshändler d'Apdikten beliwweren an doduerch e puer mol den Dag laanscht kommen, ginn d'Apdikter hinnen déi periméiert an triéiert Medikamenter mat, an d' Grousshändler droen se dann an d'Superdreckskëscht. Vu 97 Apdikte maachen der momentan 94 an där Kooperatioun mat.

Am Joer 1993 sinn insgesamt 17,57 Tonnen al Medikamenter duerch d'SuperDrecksKëscht agesammelt ginn. 2018 waren et der 172,94 Tonnen. An dëse Quantitéite sinn och nët gebrauchte Kosmetik-Artikele mat dran. Vu Januar bis September 2019 goufe schonns 148,6 Tonnen agesammelt. Dat sinn 10,6% méi ewéi am selwechten Zäitraum 2018.

Mat de bestoende Sammlunge vun der SuperDrecksKëscht an dem Fait, datt praktesch all Apdikt och al Medikamenter unhëlt, huet Lëtzebuerg e flächendeckend an effikasst System fir al Medikamenter separat anzesammelen, wat sech am europäesche Verglach op enger Spëtzeplaz behaapte kann.

Dës Prozedur berout bis elo um gudde Wëlle vun de verschiddenen Acteuren. Am Kader vum zukënftege Gesetz iwwert de Fonctionnement vun den Apdikten (Apotheken-Betriebsordnung), deen am Koalitiounsaccord 2018-2023 virgesinn ass, gëtt dëse Punkt awer och definitiv geregelt.